# 10. Juli: den Hypokritefestival

Den 10. Juli wäerten der Nee stëmmen, well se géint Délokaliséierungen an Niddreglounlänner sinn, a wa se hiren Akafsweenchen drécken, da wiele se selbstverständlech déi Artikelen, déi bei selwechter Qualitéit am mannste kaschten.

Et wäerten der Nee stëmmen, well se fannen, den Text wir net sozial genuch, a wann et drëm geet, hir Botzfra unzemellen, da gräife se sech un de Kapp:, „Mengs de, ech géif och nach Charge bezuelen?"

Et wäerten der Nee stëmmen, well se géint eng europäesch Oprüstung sinn, a wann a Bosnien d'Leit erschoss ginn, da fannen s' et eng Schan, dass mir just nokucken an zwee Joer op déi amerikanesch Fligere waarden.

Et wäerten der Nee stëmmen, well se fäerten, eis national Identitéit géing verluer, an am Restaurant rutscht hinnen de Fanger op der Kaart ëmmer vum Kuddelfleck op de Cordon bleu.

Et wäerten der Nee stëmmen, well se an der Wirtschaft géint eng fräi an onverfälschte Konkurrenz sinn, a wann eise Stolkonzern Rekordprofiter mellt, och well am Ausland d'Importtaxen an d'Subventiounen ofgebaut goufen, da soen se stolz:, „Kuck, wat si mir Lëtzebuerger am internationale Vergläich awer sou gutt."

Et wäerten der Nee stëmmen, well se fannen, dass mer zu Lëtzebuerg scho genuch Auslänner hätten, a wann an der Stad fënnef auslännesch Banken zouman fäerten se: „Lo sinn déi fett Joere riwwer."

Et wäerten der Nee stëmmen, well se eng méiglech Privatisatioun vu bestëmmten öffentleche Servicer géife schrecklech fannen, a beim Humpen gëtt sech iwwert grad déi Servicer opgereegt, bei Ponts et Chaussées géife se just d'Schëppe stäipen, op der Post hire Kënn, an op der Bunn een deen aneren.

Et wäerten der Nee stëmmen, well se sech vun engem Premierminister, dee fir eng fundamental Iwwerzeegung säi Posten op d'Spill setzt, net „erpresse" loossen, a wann ee Politiker sech vu Joer zu Joer mam Wand dréint, dann heescht et, déi wiren dach all nëmmen do, fir rëmgewielt ze ginn.

Den 10. Juli wäerten d'Lëtzebuerger an eise Stied an Dierfer hiren däitschen oder franséischen Auto virun de „Monument aux morts" parken, ouni sech ze froen, firwat do Nimm drop stinn a firwat scho laang kee méi bäikomm ass; ouni sech ze froen, firwat hiren eegenen Numm op enger Wielerlëscht an net op dësem Steen ze liesen ass; ouni sech ze froen, firwat hire Jong doheem an der Douche steet an net viru Moskau; an da wäerten se an de Wahlbüro goen a Nee zu enger Constitutioun stëmmen, déi als alleréischt Zil huet, „de Fridden, d'Wäerter, an de Wuelstand vun deenen europäesche Vœlleker ze ënnerstëtzen".

**Christoph Reuter**